



komm ass, zrëckzefroen, also d'Restitutioon dovunner unzefroen. An de Grondprinzip gëtt also bäibehalen.

D'Autorité centrale compétente kann an den europäesche Memberstaten op Ufro vun engem Memberstat no illegale Kulturgidder sichen. Am Fall, wou se eppes fënn, gëtt déi zoustänneg national Autoritéit informéiert. An hei am Land ass dat eise Justizministère. Am Fall vun enger Découverte kann de Memberstat, deen d'Ufro gestallt huet, eng Restitutioon beim zoustännegen Geriicht ufroen, an zwar an deem Land, wou dat entspreichend Kulturgut fonnt gouf. An nieft dëse Grondprinzipie soll d'Ëmsetze vun där neier Direktiv mat sech bréngen, dass dës Gesetzgebung méi dacks applizéiert gëtt. Dat war nämlech bis elo net de Fall, notament opgrond vun engem ze klengem Champ d'application oder ze kuerzen Délais fir eng Demande en restitution.

Wat elo déi véier Haaptpunkten ugeet, ech mengen, do ginn ech elo net méi drop an, well dat huet den Här Bauler a sengem Rapport ganz prezis gemaach. Mä ze soen ass awer, datt mer mat dësem Gesetz elo e gudden Outil kréien, fir tëscht den europäesche Memberstaten den illegalen Trafic vu Kulturgidder ze bekämpfen.

Fir dass dat och um internationalen Niveau de Fall ka ginn, analyséiere mer den Ament am Kader vum Ausschaffe vum Gesetzesprojet iwwert den Denkmalschutz, aweiwäit och Elementer aus där UNIDROIT-Konventioun vun 1995 an dat zukünftegt Gesetz kënne mat afléissen. Dës Konventioun gesäit nämlech op internationalem Niveau déiselwecht prozedural Regele vir, wéi d'Direktiven, déi mer haut ëmsetzen. A si ass complémentaire zu der Unesco-Konventioun vun 1970. An deemno komme mer méi wéi sécher an Zukunft nach eemol op dës wichteg Thematik ze schwätzen.

Ech mengen, ech komme ganz gären och an d'Kulturkommissioun. Elo hunn ech och scho mat Ärem President geschwat, fir op weider Detailler, wéi zum Beispill hei op déi Froen, déi den Här Kartheiser gestallt huet, Här President, och nach méi am Detail anzegoen. Mä haut, mengen ech, ass dat hei elo emol zu dëser Saach dat Wichtigst, wat muss gesot ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci och vu menger Säit all deenen, déi um Gesetz geschafft hunn, déi et aviséiert hunn, der Kulturkommissioun, an elo schonn lech alleguete fir déi méi wéi breet Akzeptanz hei an der Chamber.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Kulturminister. Mir kéinten dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6772 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6772 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

59 Députéierten hunn um Vott direkt oder indirekt deelgeholl. 56-mol Jo, dräimol Neen. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6772 est adopté par 57 voix pour, 3 voix contre et aucune abstention.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner (par M. Serge Urbany).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6646, eng Ofän-

nerung vum Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der Direktioun vun der Gesondheet. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice vum Projet, déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Wéi Der gemierkt hutt, ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

5. 6646 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la Santé et la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un Centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*), *rapportrice*.- Merci villmools, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Santé publique, d'ëffentlecht Gesondheetswiesen, huet als Zil, fir d'Gesondheet vun der Populatioun esou gutt et geet ze schützen an ze erhalen an duerfir och all néideg Politicken a Mesuren ze entwéckelen an ëmzesetzen, fir dat och ze garantéieren. D'ëffentlech Gesondheet gräift dofir an an all méiglech Gesondheetsberäicher, an dat souwuel um Niveau vun der Preventioun wéi och um Niveau vum Dépistage, klore Diagnostique an natierlech och eng beschtméiglech Prise en charge vun all méigleche Gesondheetsrisiken a Krankheeten.

Dat ass och den Hannergrond vum Projet de loi 6646 iwwert d'Reorganisatioun vun der Santésdirektioun, bei där den Ament ëmmerhin eng ronn 200 Persounen schaffen. 1980 waren et der grad emol 50. An déi soll vum Opbau hier a vum Fonctionnement hier optimiséiert an den heitege Gegebenheeten an de Besoinen ugepasst ginn. Dofir gëtt den Handlungs- an och de Wirkungsberäich vun enger Rei bestoenden Divisiounen vergréissert an zwou Divisiounen ginn och nei geschafen.

Alles an allem gehéieren zu der Santésdirektioun an Zukunft da ganzer néng Divisiounen, déi och all Kéiers e ganz preziiert Aktionsfeld couvréieren. Dat wieren zum engen: d'Division de l'inspection sanitaire; d'Médecine préventive; d'Médecine scolaire, bei där méi generell d'Santé des enfants et des adolescents bäikënn; d'Division de la médecine curative, déi an Zukunft och zoustänneg ass fir d'Qualité en santé; d'Division de la pharmacie et des médicaments; d'Radioprotektioun; d'Santé au travail, déi sech och elo ëm den Environnement këmmere wäert; ganz nei derbäi d'Division vun der Médecine sociale, vun de Maladies de la dépendance an d'Santé mentale; grad wéi och nei d'Division de la sécurité alimentaire. Do derbäi kommen de Service vun der Orthoptie, dee sech ëm d'Aen an ëm d'Kucke këmmert, an de Service audiophonologique, dee sech mam Gehéier, dem Schwätzen, der Sprooch an och der Aussprooch beschäftegt.

Wat elo den Historique ugeet, esou ass dozou ze soen, dass den éischte Projet de loi, fir d'Direction de la Santé ze reorganisieren, schons am Joer 2002 déposéiert gi war an dunn awer spéider zrëckgezu ginn ass. Ee ganz neie Projet gouf dunn an de Joren 2009 bis 2013 ausgeschafft an och diskutéiert, ier eis Gesondheetsministesch Lydia Mutsch en de 15. Januar 2014 déposéiert huet.

Den Text ass zweemol amendéiert ginn, eng éischte Kéier den 10. März 2015 duerch eng Serie vu Regierungsamendementen, ënner anere fir enger Partie Remarqué vum Statsrot Rechnung ze droen, zum Beispill wat d'Koordinatioun vun der Formation continue vun den Doktere betrëfft, déi der Médecine curative ënnerstallt gëtt an déi mat der Division de la pharmacie et des médicaments zesummeschafft, wat d'Weiderbildung vun den Aptikter ugeet.

En aneren Amendement betrëfft d'Kreatioun vum Poste vun engem zweeten Directeur adjoint, woubäi deenen hir Zoustännegkeetsberäicher opgedeelt ginn. Eemol ass et den Directeur adjoint médical et technique, deenen aneren ass den Directeur adjoint administratif. Och dat ass noutwendeg ginn, well d'Direktioun vun der Santé vum Personal hier awer och vun den Aufgaben hier an de leschte Joren a Joréngen natierlech extrem gewuess ass.

Den zweeten Train vun den Amendementen vum 23. Juli 2015 betrëfft éischter Détailler oder loosse mer soen technesch Aspekter, déi dofir natierlech net manner wichteg sinn.

De Conseil d'État huet deemno am Ganzen dräimol säin Avis ofginn: eemol zum ursprénglechen Text an dann nach zweemol zu den Amendementen. D'Kommissioun huet sech am Detail mat de Remarqué vum Statsrot befaasst an och berücksichtegt. De Conseil d'État huet grad wéi och de Collège médical a sengem Avis drop higewisen, dass dat sougenannt aalt

Gesetz vun der Direction de la Santé virgesinn huet, dass sollten an engem groussherzogleche Règlement d'Détailler iwwert d'Formation continue vun den Dokteren definéiert ginn. Dat ass awer ni geschitt.

Do dernieft hunn och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an de Collège médical zum Projet de loi Stellung geholl. D'Statsbeamtekummer huet sech ënner anere beschäftegt mat den Ufuerderungen un den Direkter an d'Directeurs adjoints a Saache Formation. Zousätzlech hu si grad wéi och de Statsrot gemengt, et wier besser, de Service audiophonologique och an d'Direction de la Santé ze integréieren, esou wéi dat fir de Service d'orthoptie de Fall ass. Dës Bemierkung huet d'Kommissioun dann och an hiren Amendementen berücksichtegt.

Fir vill méi spezifesch Detailler wéilt ech dann awer op de schrëftleche Rapport verweisen, dee mer de 6. Oktober an der Kommissiounssetzung ugeholl hunn.

Während eisen Aarbechte ronderëm d'Reorganisatioun vun der Santésdirektioun, während sechs Reuniounen ëmmerhin, goufen eng Partie Froen opgeworf. Zum Beispill gouf d'Fro no der Trennung tëscht der preventiver an der kurativer Medezinn gestallt. An natierlech sinn dës zwee Beräicher net strikt vuneneen ze trennen, grad wéi och d'Beräicher vun deenen aneren Divisiounen. Et ass jo evident, dass déi sech mussen ofstëmmen an zesummeschaffen.

Datselwecht gëllt iwwregens och fir d'Sécurité alimentaire, déi jo d'Administratioun an d'Servicer vu verschiddene Ministère betrëfft, wat an der Natur vun der Saach läit. Mir wäerten do nach am Zesummenhang mam Projet de loi 6614 an dem Contrôle vun den Denrées alimentaires d'Geleëenheet hunn, fir op dee Sujet méi am Detail anzegoen.

Am Zesummenhang mat der Division de la pharmacie et des médicaments war et d'Fro, déi iwwregens och vum Collège médical a sengem Avis opgeworf gi war, vun der Kontroll vun de sougenannten Online- a Versandaptiken. An deem Beräich ass en Avant-projet de loi an der Maach, fir d'europäesch Direktiv 2011/62 ëmzesetzen. An an Zukunft wäert et dann och esou sinn, dass de Versand nëmmer dierf gemaach gi vun Aptikten, déi eng Officine hunn. Duerfir gouf iwwregens EU-wäit e Label agefouert, deen op sämtlechen Internetsite vun Online- a Versandaptikte muss figuréieren.

Eng e bësse méi komplizéiert Thematik dréit ëm d'Mëttelen an d'Rechter vun den Dokteren an den Agente vun der Direction de la Santé, an dat souwuel am Fall, wou e Gesondheetsproblem an enger Wunneng constatéiert gëtt, de Betreffenen awer refuséiert zum Beispill, an e Spidol ze goen, fir déi néideg Soenen ze kréien, wéi och am Fall, dee vum Collège médical opgeworf gëtt, wou soll bei engem Professionnel de santé gekuckt ginn, ob alles de Regeln an de Gesetzer entsprécht. An deem Zesummenhang gesinn d'Artikelen 10 an och 11 vum Gesetz déi néideg Virgeewenweis vir.

Wat d'Dokteren an d'Gesondheetsberuffer ugeet, do sief op d'Gesetzer an op d'Reglementer iwwert de Beruff an d'Autorisation d'exercer vum Dokter a vun de Gesondheetsberuffer verweisen.

Voilà, dat wier et schonn, wat ech als Rapportrice zu dësem Gesetzestext ze soen hunn. Ech wéilt awer net ofschléissen, ouni fir d'Éischt emol e grouse Merci ze soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht an eise Kommissiounssätzungen. Merci der Madame Minister an hire Leit fir hir Disponibilitéit. Merci den Attachée vun der Chamber a vun der Fraktioun fir hir exzellente Aarbecht.

Ech ginn heimadder dann och d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun a soen lech e grouse Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet direkt den Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischte a menger Interventioun wollt ech och dann der Rapportrice Merci soe fir e gudden mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Mat dësem Projet de loi, si huet et gesot, gëtt jo d'Direction de la Santé nei organiséiert. Et geet also hei ëm d'Santé publique, déi ëffentlech Gesondheet. A wa fréier éischter do am Fokus stoung d'Hygiène an déi iwwerdrobar Krankheeten, ass dat haut jo ganz anescht. Haut kritt dat Ganz eng aner Nues, haut heescht Santé publique éischter, Krankheete verhënneren, Preventioun maachen also, d'Gesondheet vun eise Bierger favoriséieren, Dispositiounen huelen, fir d'Liewen ze verlängeren, eis Matbierger besser informéieren

an och besonnesch dann de Patienten hir Rechter a Betruucht zéien.

Et ass also eng aner Aufgabestellung, eng Neiopstellung vun der Direction de la Santé, déi haut geschitt. Et mécht also Sënn, fir dat ze maachen. Wat awer am Fong geholl geschitt, net esou wéi et schonn e puermol opgeworf ginn ass a verschiddenen Avisen, notament seet d'Fonctionnaireskummer: „Wann Der scho fënnf Artikelen ännert, firwat schreift Der net e ganz neit Gesetz vun hanne bis vir? Dat wier vläicht besser fir d'Visibilitéit.“, dat geschitt net. Et geschitt och net dat, wat de Statsrot - an och d'Rapportrice elo grad - opgeworf huet, dee seet: „Firwat maacht Der dann nach eng Trennung zwësche Médecine curative a Médecine préventive, well am Fong geholl um Terrain gëtt et jo just déi eng?“ Dat geschitt also och net.

Dat Eenzegt, wat mer hei da kréien, dat ass den Ausbau vum Existant vum Gesetz, dat mer elo hunn, wou déi fënnf Artikeler geännert ginn a wou mer dann eng Erweiderung an eng Bündelung vun de Kompetenzfelder kréien. Mer kréien zwou nei Divisiounen bāi: d'Divisioun vun der Médecine sociale, des maladies de la dépendance et de la santé mentale. Dat mécht wierklech Sënn, well Depressioun an Alzheimer, Schizophrenie, Alkohol, Drogen, dat si Stéchwierder, wou mer dobausse gesinn, dass déi Problemfall éischter méi grouss gi wéi méi kleng. An dofir mécht et Sënn, dat dann och an enger Direction de la Santé ze bündelen. Gradesou vill Sënn mécht et och, fir dann d'Sécurité alimentaire an der Direction de la Santé opzestellen.

Mä d'Fro, déi ech mer hei stellen, ass déi, ob déi Regulariséierung vum Existant, wéi d'Madamm Minister dat och genannt huet, ob dat am Fong geholl, déi Tatsaach, dass een dann déi Kompetenz an engem Pool schaaft, wou fréier dann den Département de la Santé an e puer Servicer an der Direction de Santé gebündelt goufen, ob dat duergeet an ob dat wierklech déi beschtméiglech Léisung ass, well - et ass och gesot gi vun der Rapportrice - an dem Sécurité-alimentaires-Milieu hu mer vill Intervenanten, notament d'Agrikultur, de Minister mat senger Services vétérinaires. An de Lead läit ganz kloer bei der Santé. An dat wäert och net an Zukunft änneren.

Mä wat mer net esou kloer schénge, dat ass zum Beispill eng Fuerderung, déi d'Chambre des Métiers gestallt huet am Avis zum Projet de loi 6614 iwwer e Contrôle vun de Liewensmëttel. Do werfe si Folgendes op. Si soen: „Firwat net“, esou steet et am Avis, „«instaurer un seul organisme pour tout ce qui a trait à la sécurité alimentaire et au contrôle, voire même de mettre sur pieds une nouvelle instance en charge de toutes les dispositions relatives à la sécurité alimentaire.»“

Firwat maache mer dat net? D'Madamm Minister huet eis eng Kéier gesot, dat wier komplex an hei an do. Bon, ech hätt léiwer gehat, mir wieren déi ganz Geschicht méi lues ugaangen a mir hätten och den Audit ofgewart, deen an deem Beräich de Moment gemaach gëtt. Do kréien ech da geäntwert, de Projet de loi 6614 iwwert d'Kontrolle vun den lesswueren, deenen ass hei éischter betrafft. Et ass awer net auszuschléissen, dass déi zwee Projeten, déi sech iergendwéi awer begéien, dass deenen een oder anere ka Répercussione kréien.

An ech fannen et net gutt, dass mer dësem Projet haut an hei elo direkt Fait-accomplé maachen am Beräich Sécurité alimentaire. Ech hätt léiwer gehat oder mir hätte léiwer gehat, de Projet de loi 6646 vun haut an de 6614, déi wären zesummen evakuéiert ginn hei an der Chamber, wéinst der Complémentaritéit an der Komplexitéit an dësem Domän.

Da sinn nach dräi aner Punkten, déi ech wollt kuerz opwerfen, déi problematesch sinn. Dat eent ass, dat hat ech och an der Kommissioun gesot, mer kréien en Direkter mat zwee Directeur-adjointen. Dat ass dann... Et gëtt eng Aart Dräiecksverhältnis. Dat wäert sécherlech zu Spannunge féieren. Och wann am Projet de loi steet oder am Gesetz herno wäert stoen, dass, wann den Direkter net do ass, gëtt en duerch deenen ersat „le plus ancien en rang“.

Dat kann awer och zu Situatiounen féieren, déi spannend ginn, well Der hutt eis och an der Kommissioun gesot, deenen een Direkter géif éischter technesch ersetzen an deenen aneren éischter administrativ. Bon, mer kucken emol, wat d'Realitéit eis do wäert bréngen. Ech weess just, dass am Avant-projet de loi iwwert d'Polizei zum Beispill just deenen anere Wee gaange gëtt. Do gëtt et de Moment een Direkter mat zwee Directeur-adjointen, an do wëllt de Minis-



ter a Richtung goe vun engem Direkter an engem Directeur adjoint, wahrscheinlech och well en do Erfahrung gemaach huet, déi net optimal waren. Duerfir wollt ech dat hei opwerfen.

Dann nach zwee Punkten iwwert d'Conformitéit. D'Fiche financière, déi bälait am Gesetzestext, déi gëtt keng Renseignementer iwwert de Käschtepunkt vun deem Gesetz. Si seet just, dass d'Paien an d'Ausgaben an d'Luucht géife goen, ouni ze preziséieren. De Statsrot wërf dat op a seet jo och dann, dat wär net konform mam Artikel 79 vum Budgetgesetz vun 1999.

An e leschte Punkt, deem d'Chambre des Fonctionnaires opwërf, dee mer och wichteg schéngt. Dat ass deem, wou si och soen: Gutt, mam Gesetz mussen den Directeur, den Directeur adjoint an de Médecin-chef de division eng Formation complémentaire maachen, déi dann iwwer Règlement grand-ducal preziséiert gëtt. Si stellen d'Fro an ech stellen déi och: Ass dat iwwerhaupt opportün, dat iwwer Règlement grand-ducal ze maachen? A firwat mussen dann déi eng eng Formation maachen an déi aner net? Dat ass och net grad équitabel.

An iwwerhaupt wäert et och net einfach gi bei Leit, déi zwëschen néng an eelef Joer Uni-Studie gemaach hunn a spezialiséiert sinn, fir dann do e Règlement grand-ducal ze schreiwen, deem da soll definéieren, wat si sollen dann do komplementär maachen zu deem, wat se scho wëssen. Ech stelle mer do Froen, ob dat wierklech eng gutt Dispositioun ass. An iwwerhaupt stellen ech mer och déi Fro, ob dat Ganzt kompatibel ass mam Artikel 32 vun der Verfassung, well d'Santé publique ass jo am Fong geholl eng Matière réservée, also missten d'Modalitéiten an deem Beräich, an dat ass dann hei, iwwer Gesetz gereegelt ginn an net iwwer Règlement grand-ducal.

An ech mengen all déi Saachen, déi ech elo hei gesot hunn, féieren d'CSV derzou, sech bei deem Projet de loi ze enthalten.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären: «Faut-il rappeler qu'en matière de santé avec l'expansion de l'industrialisation notre population fut confrontée à une situation nouvelle, ayant nécessité des orientations spécifiques des services de soins, de prévention, des moyens sanitaires et de protection de la population?» Dës interessant Aussoe goufen de 5. November 1980 hei an der Chamber gemaach vum deemolege Rapporteur iwwert d'Gesetz vun der Organisation de la Santé, an zwar vum Dokter Joseph Eyschen.

Dat Eenzegt, wat ee ka soen: Och déi Wieder hunn haut nach ouni Zweifel hir voll Bedeutung. An duerfir ass et och ganz flott an interessant, dass dat Gesetz hei no 35 Joer elo u sech ugepasst gëtt, well, ech mengen, et stellt keen a Fro heibannen, dass mer en effikasse Gesondheetssystem hunn an dass mer och sollen dru schaffen, fir deem effikasse Gesondheetssystem och an Zukunft bäibehalen ze kënnen.

Duerfir muss natierlech och e Maximum un Ustrengunge gemaach ginn, fir dat ambitiëst Zil och weiderhi kënnen ze erreechen. Et ass also och evident, dass um Kapp vun där Struktur eng gutt Organisation muss setzen, eng gutt Direktioun, an ëmmerhin, a mir sinn dat jo schonn hei gewuer ginn, schaffen haut 200 Leit an der Direktioun vun der Santé, wat jo villes ausseet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Projet u sech vun haut wëll ech e puer Remarquen am Numm vu menger Fraktioun maachen. Fir d'Eischt begreisse mer et emol, dass den Akzent hei op d'Formation geluecht gëtt. Wann et ee Beräich gëtt an eiser Gesellschaft, dee sech jo enorm entwëckelt, Gott sei Dank muss ee soen, dann ass et jo ebe grad d'Medezinn. Et ass also wichteg, dass d'Medezinner ëmmer um leschte Stand vun der Entwëcklung vun der Medezinn sinn. Dat gëllt iwwerengs och fir d'Fleegepersonal. An dass d'Medezinn sech, wéi gesot, ganz positiv entwëckelt huet, ech géif soen, et ass bal keen heibannen, deem net och dovunner schonn Témoins ginn ass. A mir hunn och all Ursaach, fir eben, wéi gesot, op deem Wee och weiderzefueren.

Dann ass jo och virgesinn, fir en zousätzlechen Direkter, Sous-Direkter anzustellen, an zwar e

Verwaltungsdirekter. Datt dat net e Medezinner muss sinn, ass evident. Hei geet et jo an éischter Linn ëm déi administrativ Aarbecht. Et ass evident, wann een eng esou grouss Struktur opgebaut huet, dass natierlech dann och ganz vill administrativ Aarbecht do ufält. Mir hu jo an der Kommissioun och vill iwwert d'Formation vun där Persoun hei diskutéiert, a mir hu jo och elo en Text fonnt, deem am Aklang ass mat der Philosophie vum Bologna-Prozess.

Et gi jo dann och zwou nei Divisiounen geschaffen, virun allem, wéi gesot, d'Divisioun vun der Sécurité alimentaire. An do muss een natierlech ganz éierlech sinn, do muss een oppassen, dass eben net ze vill Iwwerschneidungen entstinn och mat de Kompetenzen, déi um Niveau vum Landwirtschaftsministère ugesidelt sinn. Et muss also déi beschtméiglech Kooperatioun do och an Zukunft ugestriift ginn.

Ech wëll och drop hiweisen, dass mer de leschte 17. Juni hei en neit Gesetz iwwert d'Veterinärverwaltung gestëmmt hunn, wou ënner anerem och eng Divisioun dran ass, d'Santé publique, déi iwwerengs ënnert der Kompetenz vum Gesondheitsminister steet, déi jo als Objektiv d'Kontroll vun der Produktioun, dem Stockage, Verkauf vun lesswuere vun Déieren, wéi gesot, wéi Mëllech, Flesch an Eeër huet. Et geet also ganz kloer hei ëm d'Liewensmëttelsécherheet. Déi Divisioun steet jo ënnert der Tutelle vun dem Gesondheitsministère. Mä natierlech gëtt et och nach aner Echellen an deem ganze Contrôle. An ech denken natierlech do virun allem och un d'Kontroll vun de Béischten u sech. Datt dat natierlech muss vu Veterinären ausgefouert ginn, ass net méi wéi evident.

Ech weisen och drop hin, dass duerch déi nei Divisioun elo Ingenieuren och d'Méiglechkeet kréien, zum Beispill um Findel Kontrollen ze maachen. Ech erënneren awer och drun, dass natierlech awer och d'Veterinären - bedéngt duerch d'Divisioun, d'Kontroll vum Import - aus der Veterinärverwaltung äänlech Kompetenzen hunn. Mir müssen also oppassen, dass mer do eng geregelt Kompetenzenopdeeling kréien.

Am Projet de loi 6640 (veuillez lire: 6614) iwwert d'Sécurité alimentaire bitt sech jo dann d'Méiglechkeet, fir, wéi gesot, eng ganz kloer Struktur do kënnen ze erreechen. Et däerf ee jo net vergiessen, dass et souguer nach eenzel Domänen an deem Beräich gëtt, wou net manner wéi fënnf Ministère Kompetenzen hunn!

Dann e Wuert och nach zu där zweeter neier Divisioun, déi geschafe gëtt, wéi gesot, d'Division de la médecine sociale, des maladies de la dépendance et de la santé mentale, déi spigelt u sech awer och d'Entwëcklung vun eiser Gesellschaft zrëck. Déi mental Gesondheet spillt jo haut e ganz wesentleche Facteur am Wuelbefanne vun deem Eenzelen. Ech wëll och drop hiweisen, dass, laut Gesondheitskeess, 25% vun der Lëtzeburger Populatioun, iwwerengs méi Frae wéi Männer, déi krute scho mindestens eemol e Psychopharmaka vun der Gesondheitskeess rembourséiert. Och dat seet jo eppes aus.

An da referéieren ech mech hei op en Interview, deem d'Dokter Juliana D'Alimonte kierzlech am „Journal“ ginn huet. A si seet do, dass et „béangstigend“ wier, dass 42% vun de Benzodiazépine fir méi wéi dräi Woche verschriwwen ginn! Also, och dat sinn awer Zuelen, déi engem mussen ze denke ginn. Och dat sinn u sech Zuelen, déi awer weisen, dass eng gewëssen nei zivilisatoresch Krankheet sech leider och ëmmer méi breitmécht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Statsapparat ass et jo leider esou, dass eng ganz Rei vereedegt Beamten och mussen d'Qualitéit hu vum Officier de police judiciaire. Dat ass natierlech noutwendeg, dass ass wichteg, besonnesch och um Niveau vun de Kontrollen. An dass natierlech och, wa mer am Beräich vun der Medezinn hei sinn, dass do muss Kontroll gemaach ginn, ass fir eis net méi wéi evident. An dass d'medezinnesch Direkteren, Apdikter, Inspektoren an och verschidden Ingenieuren déi Kompetenz kréien, läit also ganz kloer op der Hand.

Wat gutt ass, ass, dass awer eng kloer Distinction gemaach gëtt zwëschen, engersäits, Police administrative an, anersäits, awer och Police judiciaire.

(**Interruption par la présidence**)

Bon, ech gesinn, dass de President mer feinfilleg matdeelt, dass ech esou lues zum Schluss muss kommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir sidd schonn eng Minutt driwwer.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Jo. Ech wollt, wéi gesot, awer dann en allerlescht Schlusswuert soen. Wéi gesot, trotz eenzelnen Defiziter, déi de Gesondheetssystem vläicht hei zu Lëtzebuerg kennt, muss een allerdéngs nach eng

Kéier ënnersträichen, dass mer awer kënnen houvreg a stolz sinn op déi ganz Gesondheitsversuergung hei zu Lëtzebuerg. An dëst Gesetz wäert ouni Zweifel och dozou bäidroen, fir dat ambitiëst Zil och an Zukunft nach kënnen ze verteidegen.

Ech wëll ofschléissend der Madamm Hemmen awer och nach villmools Merci soe fir hiren interessante Rapport. A selbstverständlech bréngen ech hei den Accord vun der DP zu deem Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Reform vun der Gesondheitsdirektioun ass jo net grad revolutionär. Se ass awer dréngend wichteg, fir dës Direktioun personalméisseg besser opstellen a fit ze maache fir d'Zukunft.

Modifikatiounen gëtt et, nieft der positiver Emstrukturierung um Niveau vum Direktiounspersonal a mat der wichteger Formation, déi domat verbonnen ass, bekanntlech och um Niveau vun den Divisiounen, déi d'Basis vun der Lëtzeburger Gesondheitspolitik duerstellen an den nächste Joren an och eng ganz grouss Wichtigkeet hunn. Meng Virriedner sinn drop agaangen.

Aus Zäitgrënn beschränken ech mech just op e puer Punkten. Deen éischte betrëfft d'Divisioun vun der Sécurité alimentaire, op déi jo och meng Virriedner agaange sinn, wou ech géif mengen, dass dës Divisioun eigentlech e gewëssen Zündstoff huet.

Divers Onkloerheeten am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet sinn ee vun de Grënn, firwat d'Kollege vun der CSV dës wichtige Projet de loi net stëmmen. Mir fanne dat als Gréng bedauerlech. Quitte dass an deem spezifische Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet nach Klärungsbedarf besteet, gëtt et an eisen Aen awer kee Grund, fir déi gesamt Reform vun der Santédirektioun doduerch ze blockéieren, nodeems se scho säit 2002 op Ais läit!

Déi gréng Fraktioun jiddwerfalls wäert dëst Gesetz an engem konstruktive Geescht matstëmmen a se wäert och gradesou konstruktiv mat-schaffen, wann et ëm d'Reform vun der Sécurité alimentaire geet.

Ech gi kuerz dorop an. Dass dës Reform wichteg ass, dat wësse mer alleguer. Et ass nämlech längst gewosst, dass d'Zoustännegkeeten an d'Aktivitéiten vu ganzer fënnf Ministerien am Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet net zefriddestellend koordinéiert sinn an dass déi eng Hand oft net weess, wat déi aner mécht.

Fir den Iwwerschneidungen, mä och de Rivalitéiten tëschen deenen engen an deenen aneren Akteuren en Enn ze setzen, peilt d'Regierung eng Zesummeleegung oder eng besser Koordinatioun mat allen implizéierte Servicer un, äänlech wéi dat an aneren europäesche Länner gehandhabt gëtt, ugefaange bei eise belschen Noperen, déi ech wëllt ervirsträichen. Si sinn europawäit Virreider op deem Gebitt. An der Organisation vun der Sécurité alimentaire spille se eigentlech eng tragend Roll. Schon zanter 2002 läit souwuel d'Gestioun vun der Liewensmëttelsécherheet wéi och de Service um Konsument an der Belsch an den Hänn vun enger eenzeger Agence, der Agence fédérale pour la sécurité de la chaîne alimentaire, mat iwwer 1.300 Beschäftegten. D'Agence steet iwwerengs an der Belsch ënnert der Tutelle vum belsche Gesondheitsministère, deem enk awer och un den agroalimentaire Secteur gekoppelt ass, dat heescht un de Landwirtschaftsministère, an awer och un eng ganz Rei aner Akteuren aus deem Beräich.

Op déi Lëtzeburger Situatioun bezunn, heescht dat net, dat wëll ech ënnersträichen, dass mir mam Kapp duerch d'Mauer wëlle goen an d'Liewensmëttelsécherheet par force dem Gesondheitsministère wëllen ënnerstellen, well mer einfach zu Lëtzebuerg vun enger anerer Situatioun mussen ausgoen. Mir sinn awer, grad wéi d'Regierung, der Meinung, dass eng eenzeg Cellule - a firwat net och an enger spéiderer Phas en neie Verbraucher-schutzministère - fir dee ganze Beräich vun der Liewensmëttelsécherheet soll zoustänneg ginn, well et dee rationellste Wee ass, fir ze schaffen.

An deem Sënn si mir zouversichtlech, dass de Landwirtschaftsminister dee Chantier dann awer och an enker Kollaboratioun mat der Madamm Gesondheitsminister wäert an Ugrëff huelen, an der Hoffnung natierlech, dass dës Reform couragéiert a konsequent ëmgesat gëtt an dass déi zwee Ministère implizéiert sinn.

Duerno ass et keng Hexerei, dee virleiende Projet de loi op deem bestëmmte Punkt ze modifi-

zéieren. E Gesetz ass jo sielen a Stee gemees-selt!

Eng aner Divisioun, déi ech positiv wëllt ervirsträichen, ass déi vun der Santé au travail et de l'environnement, ganz einfach well mir als Gréng säit éiwegen Zäite fir e bessere Gesondheetsschutz a fir d'Promotioun vum Wuelbefannen op der Aarbecht antrieden a frou sinn, wann dee Volet eescht geholl gëtt. Et ass bekannt, dass dës Volet an enker Relatioun steet mat der Médecine sociale a mat der Santé mentale vun de Beschäftegten. Och doriwwer hate mer schonn Debatten an der Chamber. Et louch och schonn eng Kéier eng Motioun vir, dass an deem Beräich sollt e Projet de loi ausgeschafft ginn, fir einfach dee ganze Volet vun der Santé mentale gesetzlech ze regelen, haaptsächlech och wat den Harcèlement au travail ugeet.

Op d'mannst esou wichteg ass fir eis dann awer d'Emweltmedezinn, déi vill ze vill laang als Stéifkand behandelt ginn ass a mat deem Projet de loi endlech méi e grouse Stellwäert kritt.

Ee Bémol, Madamm Minister, ech muss deem awer elo och mellen, ass de Mangel u kompetentem Personal, wat fir d'Servicer vun der Umweltmedezinn zur Verfügung steet. Dat héiert een um Terrain. Net nëmme Privatitéit, mä och d'Gemengen, déi beispillsweis hir Schoulgebaier oder aner öffentlech Gebaier op schiedlech Substanzen wëllen ënnersiche loosse, bekloe sech ëmmer erëm iwwer vill ze vill laang Waardezäiten.

Dofir e klengen Appell un Iech, Madamm Minister, fir deem Beräich e bësselche méi Mëttelen zur Verfügung ze stellen, well, wéi seet een esou schéin: Et ass déi beschte Preventioun, wann ee vun Ufank un toxesch Substanzen aus den Haiser an aus de Gebaier erauskritt.

An der Hoffnung natierlech, dass och eis laang gefuerdert Umweltklinik deemnächst Realitéit gëtt. Ech brauch net un de Muck Huss ze erënneren, dee jorelaang dofir gekämpft huet.

(**Interruption par la présidence**)

Den Här Graas hat och ze vill Zäit kritt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, mä Dir sidd elo scho méi laang amgaang.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Neen, hien huet nach 15 Sekonne méi gehat!

(**Hilarité**)

Fir ofzeschleissen...

► **Plusieurs voix.** - Ooh! Aah!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Fir ofzeschleissen, soen ech der Madamm Cécile Hemmen villmools Merci - däerf ech dat nach? - fir hiren ausféierleche Rapport. An awer och der Dokter Danielle Hansen-Koenig wëllt mer am Numm vun deene Gréngen eise volle Respekt ausdrécke fir hire laangjähregen Asaz an der Gesondheitsdirektioun, déi mat deem Projet de loi endlech eng nei Nues kritt.

An domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Lorsché, där ech wëll soen, dass d'Zäit respektéiere sech och léiert! Merci. Ech géif dann d'Wuert weiderginn un d'Gesondheitsministesch.

(**Prise de position du Gouvernement**)

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Eischt emol e ganz grouse Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Hemmen, déi ons hei net nëmmen e ganz komplette schréfflechen a mëndleche Rapport gemaach huet, mä déi virun allem ganz kloer erëmgespigelt huet, wéi wichteg dëst Gesetz fir d'Santé publique zu Lëtzebuerg ass. Dankbar war ech och fir déi oppen a konstruktiv Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun konnte féieren, an e puer vun Iech hunn och schonn dorobber hi-gewisen.

Dës Projet de loi ännert also dat bestoend Gesetz vun 1980, fir dass d'Direktioun vun der Santé den Erausfuerrunge vun haut a vu muer gerecht ka ginn. Am Laf vun deene leschte Jorzéngten ass net nëmmen d'Populatioun vun 360.000 op iwwer 560.000 Awunner geklommen, et ass och eng Populatioun, déi ëmmer méi al gëtt, wat mat neie Besoinen an neien Erausfuerrunge verbonnen ass.

Och d'Emsetzung vu ganz villen europäesche Reglementatiounen an de Progrès an der Medezinn hu mat dozou gefouert, dass d'Missiounen an d'Responsabilitéiten vun der Direktioun vun der Santé sech mat de Joren am Fong ganz grondsätzlech geännert hunn. Fir dëser Entwëcklung Rechnung ze droen, schafe mer iwwert dës Projet, ënner anerem, d'Méiglechkeet vun enger Direction triciphale



mat engem Direkter an zwee Adjoints, médical an administratif.

Et ass schonn hei gesot ginn, dass d'Direktioun vun der Santé haut ronn 200 kompetent Matarbechterinnen a Matarbechter zielt, mat iwwer 20 Dokteren. De Kompetenzberäich vun der Direktioun geet vun der allgemenger Preventioun, der Gesondheitsförderung vun de Puppelcher, Kanner a Jugendlechen, iwwert d'Radioprotektioun bis hin zum Contrôle vun der Liewensméttelsécherheet - ee ganz vasten Terrain, deem ëmmer am Kader vun der Protektioun vun der Gesondheet vun eiser Populatioun steet.

Ech wëll op dëser Plaz och vun der Geleeënheet profitéieren, fir ganz besonnesch menger Direktesch, der Dokter Hansen-Koenig Merci ze soen. Si geet elo um Enn vun dësem Joer, no 38 Joer an der Santé, dovunner 24 als Direkter, an hir wuelverdénge Penssioun. Ech mengen, et ass net iwwerdrifwen, fir ze soen, dass si d'Lëtzebuurger Gesondheitswiesen an deene leschte Jorzéngten entscheidend matgeprägt huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, loosst mech lech nach eemol kuerz d'Aufgabe vun der Direktioun vun der Santé resüméieren, déi, wéi gesot, mat der Zäit ëmmer méi villfälteg an ëmmer méi komplex gi sinn, wourop Dir jo och bei Ären Ausféierungen zum Deel schonn higewisen hutt.

D'Ausarbechtung vun onzielbare Preventiouns- an Dépistageprogrammer vu Krankheeten, ënner anerem am Beräich vum Fëmmen, Alkohol, GIMP - „gesond iessen, méi bewegen“ -, Aids, d'Preventioun vum Suicide, Plan d'action gouvernemental géint d'Drogen, Programm Demenzpreventioun, Dépistage Broschkriibsprogramm, Mammografie, a vum nächste Joer un och fir den Daarmkriibs, nationale Kriibsplang si just e puer Beispiller heivunner.

Vill vun dësen Démarchen hunn net nëmmen eng national, mä och eng wäitreechend europäesch respektiv international Envergure. Bei Erausforderunge mat globalem Charakter, wéi Ebola, Vullen- a Schwéngsrippen oder wéi elo dem Accueil médico-social a psychologique vun den DPlen, stoungen a stinn d'Leit vun eiser Direktioun an der éischter Linn an hëllefen do, wou se nëmme kënnen.

D'Divisioun vun der Schoulmedezinn këmmert sech méi generell ëm d'Gesondheet vun eise Kanner a Jugendlechen, esou zum Beispill, dass Kanner mat spezifesch Besoinen am Schoulsystem besser en charge kënnen geholl ginn.

Gradesou wichteg ass och déi adequat Prise en charge vum Salarié am Zesummenhang mat der Gesondheet op der Aarbechtsplaz.

Och d'Santé mentale ass e fundamental wichteg Thema - ech hunn och wirklech zur Kenntnis geholl, dass dat ganz ville vun lech ganz staark um Häerz läit -, en Thema, wou déi konsequent Ëmsetzung vun der Psychiatriereform absolut dozou gehéiert an och d'Ënnerstëtzung vu konventionéierten ambulanten Services an deem Domän e grousst Uleies ass.

Ëmweltmedezinnesch Analysen doheem wéi an der Aarbechtswelt, mat der neier an néideger Berodung, sinn e wichteg Bestanddeel vun eiser Aarbecht. An ech kann dat nëmmen ënnersträichen, wat déi honorabel Madamm Lorsché hei ervirgestrach huet: Do kënnst wirklech ëmmer méi Aarbecht op eis zou, ëmmer méi komplex Dossierien. An et ass wirklech kee Luxus, fir driwwer nozedenken, fir dee Service, dee jo och e Regroupement elo duerch dat heite Gesetz wäert kréien, fir do eng Opstockung mëttelfristig virzegesinn. Ech mengen, dat stéisst bei eis net op daf Oueren.

D'Kontroll vun de Liewensméttelbetreiber, de Restauranten, der Chaîne alimentaire, vun der Importatioun bis op den Teller souzesoen, ass eng Aufgab, déi d'Direktioun vun der Santé am Numm vun der Santé publique an dem Schutz vun de Bierger zënter Joren iwwerhëlt.

Hei wëll ech preziséieren, dass dëst Gesetz net d'Bestriewe vun der Regierung hypothekéiert, fir am Beräich vun der Liewensméttelsécherheet a -kontroll eng besser Koordinatioun um Terrain an en eventuelle Regroupement unzestriewen a verstärkt dem Verbraucherschutz Rechnung ze droen. Hei wäert ech zesumme mam Landwirtschaftsminister eis gemeinsam Iwwerleungen an der noer Zukunft an d'Gesetz iwwert d'Denrées alimentaires afléisse loossen.

Donieft dierf een och net de Beräich vun de Medikamenter an den Apdikte vergiessen. De Wee vun der Entwécklung vun engem Medikament bis zu senger Ausliwwerung un de Patient an der Apdikt, hei am Land, läit ënnert der Responsabilitéit vun der Division de la Pharmacie et des Médicaments, eng ganz wichteg Komponent vun der Direction de la Santé, gradesou wéi och d'Divisioun vun der Radioprotektioun.

D'OGMe falen an d'Aufgabegebitt vun der Direction de la Santé, an enker Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère a mam Landwirtschaftsministère, genausou wéi och d'Kontroll vun de Kosmetikartikelen a vun allen Dispositifs médicaux, en Dossier, deem och elo am europäesche Kontext bei der Présidence jo eng ganz grouss Bedeitung huet.

Och dëst sinn extrem breet gefächert Aufgabeberäicher, an deenen op europäeschem Niveau weider an ëmmer méi Flichten op eis an Zukunft zoukomme wäerten. Hei geet et erëm ëm d'Sécherheet vum Bierger, dee medezinnesch Produkter oder och aner Leeschtungen an Usproch hält, domadder behandelt gëtt an dowéinst op d'Qualitéit muss kënnen insistéieren.

Ech sinn och ganz besonnesch frou, dass all d'Intervenanten op den héije Stellwäert vun der Formatioun higewisen hunn. Et war keng vun deene Sëtzungen, déi mer an der Gesondheitskommissioun haten, wou mer net doriwwer geschwat hätten. An hei läit et mir besonnesch um Häerz, fir op d'Noutwendegkeet vun der Formation complémentaire hinzewisen, déi natierlech besonnesch justifiéiert ass, wa ganz spezifesch Responsabilitéiten am Beräich vun der Santé publique mussen iwwerholl ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz ass also - Dir hutt dat elo héiere bei den Diskussiounen, déi hei gefouert gi sinn - e ganz wichteg Schratt, fir eis Direction de la Santé professionell opzestellen, fir och der Komplexitéit vun hiren Aufgabe Rechnung ze droen a se optimal op d'Zukunft virzebereeden, well dat ass schlussendlech déi beschte Grondlag, déi mer kënnen schafen, fir d'ëffentlech Gesondheet fir d'Bierger vun dësem Land och weiderhi kënnen esou gutt ze garantéieren.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An domat si mer um Enn vun den Diskussiounen zum Projet 6646 ukomm a mer ginn direkt zur Ofstëmmung iwwer, déi elo ugefaangen huet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6646 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60 Deputéierten hu sech bedeelegt: 37-mol Jo bei 23 Enthaltungen. Domat ass de Projet de loi 6646 ugehall.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet.

An ech géif lech froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer ginn zum nächste Projet iwwer. Dat ass de Projet de loi 6756, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Centre des technologies de l'information de l'État. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur,

den Här Yves Cruchten, huet elo direkt d'Wuert. Här Cruchten!

6. 6756 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéierten, de Centre de communications vun der Regierung ass fir vill Leit eng zimlech onbekannte Verwaltung. Dobäi huet se awer eng wichteg Missioun, nämlech d'Kommunikatioun an d'Sécherheet ze assuréieren vun der Kommunikatioun tëschent de Ministèren, awer virun allem mat den internationalen Organismen, an deene Lëtzebuerg Member ass.

Et versteet sech vum selwen, datt Organisme wéi zum Beispill d'NATO drop halen, datt hir dacks sensibel a vertraulich Kommunikatiounen mat Lëtzebuerg héije Sécherheitsstandarden ënnerleien. Eist Land huet sech hei och derzou verpflichtet, dës Sécherheitsstandarden anzehalen. Zanter dem 24. Juli 2014 ënnersteet de Centre de communications vun der Regierung dem Ministère vum ëffentlechen Déngscht an der administrativer Reform, zu deem och de Centre informatique gehéiert.

De Projet de loi 6756, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ersetzt eigentlech de Projet de loi 6075 iwwert d'Schafe vun engem Centre de communications. Béid Projeten haten och deeselwechten Objet, nämlech eng legal Basis ze schafe fir eben dëse Centre de communications. Anescht ewéi am viregte Projet de loi virgesinn, gëtt dëse Centre de communications an de Centre informatique integréiert. Während op där enger Säit de Centre de communications fir d'Sécherheet vun der Kommunikatioun éischter no baussen a mat baussen zoustänneg ass, esou ass eise Centre informatique jo responsabel fir d'Kommunikatiounen bannent eise Lëtzebuurger Verwaltungen.

Dofir läit et och op der Hand, fir béid Verwaltungen beieneen ze bréngen. Heimadder solle Synergie geschafe ginn tëschent dëse Verwaltungen. Expertise, Wëssen an Technik komme beieneen. Och sollen esou kënnen Käschten agespuert ginn a Ressourcen, déi mer hunn, besser genotzt ginn.

Wann ee gesäit, datt den Transfert vun Donnéeën, Gespréicher an Informatiounen quasi just nach wäert digital geschéien, Stéchwuert „Voice over IP“, da mécht dat och Sënn. De Centre informatique iwwerhëlt d'Attributiounen vum Centre de communications. Mat dodru sinn de Bureau d'ordre central, de Service courrier vun der Regierung an de Centre de conférences zu Senneng mat sengen Infrastrukturen.

De Projet de loi gesäit vir, datt d'Personal vum Centre de communications un de Centre informatique detachéiert gëtt an datt hei jiddweree vum Personal säi Rang behält grad ewéi seng Carrière, déi e bis elo viru sech hat.

Här President, dëse Projet de loi gouf den 9. Dezember zejoert vum Här Minister Dan Kersch deposéiert. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis ofginn den 18. Juni vun dësem Joer. An de Statsrot huet eis säin Avis den 30. Juni och vun dësem Joer geschéckt. An der Kommissioun hu mer déi zwee Avisen am Detail gekuckt. An de Rapport zu dësem Projet gouf dunn de 24. September ugehall.

Ech soen alle Membere vun der Kommissioun Merci fir hiert gutt Matschaffen a ginn zum Schluss och direkt den Accord vun eiser Fraktioun. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Cruchten. Éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Octavie Modert. Madame Modert, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Villmools Merci, Här President. Merci och un den Här Rapporteur. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass ëmmer wichteg, staatlech Services ze reorganiséieren an déi zesummenzeleeën, déi beienee passen. Esou entsti Synergie fir e bessere Service public. Ech hat och esou viru fënnf Joer net aus dem Service des imprimés eng eegestänneg Verwaltung geschaf, mä se an de Centre informatique integréiert.

Hei, mat dësem Projet de loi, ginn zwee wichteg informatesch, technesch Services vum Stat an dësen hire Funktiounen zesummegeleecht. Mir sinn am digitalen Zäitalter. Besonnesch wou zanter siwe bis aacht Joer de CTIE gutt opgestallt ass, kann en ëmmer méi Funktiounen bäikréien a wouerhuelen. Dat ass sécherlech virdrun net esou evident gewiescht. Ech den-

ken, do sinn e ganze Koup Leit heibannen d'Accord.

Et fret sech just, ob de CTIE wirklech all Funktionalitéiten iwwerhuele muss vum CCG zum Beispill, déi méi protokollaresch Funktiounen, well wann an Zukunft den HCPN, den Haut-commissariat à la Protection nationale, op Senneng komme soll, dann ass jo och keng Unitéit vu Ministèren an Tutelle méi ënner engem Daach do zesummen.

Meng Fro: Wéi geet herno d'Zesummenaarbecht mam HCPN am Kontext vun der Gestion de crises? Dat ass sécherlech e Punkt, deem och am Kader vun anere Gesetzesprojeten nach wäert gekuckt an diskutéiert ginn. Heibäi, mengen ech, ass et awer och eng Fro, déi sech stellt.

Ech hätt eng Bemierkung nach vum legistesche Standpunkt, vum Legistik-Standpunkt. Ech war e bësse verwonnert iwwer onprezis bis onkorrekt Ausdréck a Beschreibungen am Exposé des motifs, déi net ganz richteg si vun och engem juristesche-legistesche Standpunkt hier; vläicht hätt een do e bësse méi Soin kënnen ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mir och dëse Projet de loi stëmmen, esou wëll ech dach soen, datt et net déi fein Aart a Weis ass a keen Dialog a gudden Émgang mat de Matarbechter ass, wann déi alleguer aus de Medien héieren, also iwwert d'Medie gewuer ginn, aus dem Mond vun hirem deemolegen Tutelles-Minister nom Regierungsrat, datt hire Service ënner en anere Ministère kënn. Dat hätt ee sécherlech aneschtens a besser maache kënnen. Dat wär och besser gewiescht a gutt fir eng reibungslos Integratioun vun engem Service an en aneren.

Ech mengen, bei der Aart a Weis, wann een een Haus mat engem aneren zesummeleet, do ginn et Méiglechkeeten, fir dat besser unzepaken an hinzekréien, wat net heescht, datt déi Saachen net gutt beienee passe kënnen. Trotzdeem muss een och un déi Leit denken, déi do schaffen a si einfach och op eppes virbereeden, well si dat dann och normalerweis sollen a mussen akzeptéieren, esou wéi dat soll sinn a sech soll passen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Modert. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass u sech awer erstaunlech, datt de Centre de communications bis haut keng direkt legal Basis hat, well et dierf ee jo awer net vergiessen, mer bewegen eis hei an engem ganz sensibelen Beräich an et geet ëm d'Traitement, den Échange vu confidentielle Kommunikatiounen, Donnéeën.

Ech wëll drop hiweisen, datt mer, bedéngt duerch eis Membership an enger Rei vun internationalen Organisatiounen, sief dat d'NATO, sief dat d'OSZE oder sief dat d'Europäesch Unioun, dozou jo och verpflichtet sinn.

Wéi den obligatoresche Militärdéngscht 1967 ofgeschafft gi war, hätt ee schonn deemools kënnen driwwer nodenken, ob net, wéi gesot, dee Centre misst eng legal Basis kréien. An dunn am November 1993, wéi deem Haut-commissariat à la Protection nationale och virleefeg op Äis geluecht gi war, och dunn hat sech, wéi gesot, déi Diskussioun erëm eng Kéier nei gestallt. Besonnesch am Zäitalter vun Transmissiounen vu wichtegen Daten ass et also fir eis eng Evidenz, datt mer elo där Struktur do awer eng kloer legal Basis ginn.

Ech wëll vläicht nach kuerz zwou Remarqué maachen, engersäits och op déi Autorité nationale de distribution hiweisen, déi jo eng ganz wesentlech Aufgab ze erfëllen huet. Si fonctionnéiert jo op Basis vum Gesetz vum 18. Juli 2014 iwwert de Schutz vu klassifizéierten Informatiounen op EU-Niveau.

Dann op där anerer Säit wëll ech awer och nach eis Satisfaktioun zum Ausdrück bréngen, datt déi Beamten, déi jo elo detachéiert ginn an de CTIE, trotzdeem awer an hirer Carrière weider sech entwéckele kënnen, wéi wa se elo net transferéiert gi wäeren. Dat ass awer fir eis och eng ganz wichteg Saach.

Ofschléissend, wéi gesot, si mer als Demokratesch Partei frou, datt dee Schratt hei ënnerholl gëtt. An ech wëll och nach dem Rapporteur Yves Cruchten Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. An nächste Riedner ass den Här Henri Kox.